a '16 virgeschloen. Wéi üblech maache mir déi Ofstëmmung iwwert de Vote secret mat eisem Système de vote électronique.

Ech erënneren Iech drun, dass de Vote par procuration hei net zougelooss ass. Mir géifen dann zum Vote iwwergoen. Wie fir déi virgeschloe Betribspréiwerfirma ass, Ernst & Young, ass gebieden, mat Jo ze stëmmen, wien dergéint ass, mat Neen.

Vote secret

Ech lancéieren dann de Vote, wat e geheime Vote ass. Vu Procuratioune brauch ech also hei net ze schwätzen.

De Vote ass ofgeschloss an et hu 54 Deputéiert um Vote deelgeholl, 50-mol Jo, zweemol Neen an zwou Abstentiounen. An ech brauch jo wuel net ze froen, ob ee seng Abstentioun wéllt motivéieren.

Ech wëll domadder also feststellen, dass fir dräi Joer Ernst & Young als Betribspréiwer bei der Post designéiert ass.

Ech soen Iech Merci a mir ginn zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwer. Et handelt sech ëm de Projet de loi 6567 an et geet dobäi ëm eng Konventioun iwwert d'Limitatioun vun der Responsabilitéit an der Bannennavigatioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Kartheiser, an dat gesi mir dann direkt duerno.

An direkt huet den Här Gusty Graas, de Rapporteur, d'Wuert.

4. 6567 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Strasbourg de 2012 sur la limitation de la responsabilité en navigation intérieure faite à Strasbourg, le 27 septembre 2012

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et effektiv mat engem Projet de loi ze dinn, wéi de President scho gesot huet, iwwert d'Banneschëfffahrt. A well den Transport vu Wueren iwwert d'Waasser jo ëmmer méi attraktiv gëtt, well et ouni Zweifel nach eng vun deene séchersten a bëllegsten Transportmethoden ass, hëlt de Schëffsverkéier natierlech op eise Flëss an op eise Séien zou. Duerfir ass et eben och wichteg, datt gesetzlech Dispositioune getraff ginn, fir deen Trafic mat all senge Konsequenzen ze regelen.

An enger Konventioun vum 19. November 1976 zu London gouf schonn eng Begrenzung vun der Responsabilitéit bei Créancen am maritime Beräich festgeluecht. De 4. November 1988 gouf dunn eng ähnlech Konventioun fir d'Banneschëfffahrt vun Däitschland, der Belsch, Frankräich, Holland, der Schwäiz a Lëtzebuerg ënnerschriwwen, déi eist Land dunn duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1993 ratifizéiert hat. Dës Konventioun ass den 1. Juni 1997 a Kraaft getrueden. Duerch d'Konventioun iwwert d'Kanalisatioun vun der Musel vum 27. Oktober 1956 ass eist Land direkt an dëser Matière concernéiert. An net méi spéit wéi déi lescht Deeg hu mer jo och de Cinquantenaire vun der Kanalisatioun vun der Musel gefeiert.

Mat deem Projet de loi vun haut approuvéiere mer d'Konventioun vu Stroossbuerg aus dem Joer 2012 iwwert d'Limitatioun vun der Responsabilitéit an der Banneschëfffahrt, déi d'Konventioun vum 4. November 1988 adaptéiert. 2007 war iwwregens décidéiert ginn, fir dës Konventioun och ze adaptéieren.

De Projet de loi gouf den 23. Abrëll 2013 vum Här Ausseminister déposéiert. De 4. Februar 2014 respektiv och de 4. Abrëll vun dësem Joer krute mer d'Avise vum Conseil d'État, an an der Sëtzung vun der Aussepolitikskommissioun den 3. Mäerz 2014 gouf ech als Rapporteur genannt. De leschten 10. Mäerz hu mir dunn d'Amendementer vum Conseil d'État ugeholl.

An dësem Gesetzestext geet et also méi spezifesch ëm d'Limitatioun vun der Responsabilitéit am Fall vun engem Accident oder bei anere Schied, déi duerch Feeler beim Transport vu Wueren entstane sinn, zum Beispill duerch Retarden oder Zerstéierung vun der Wuer. Selbstverständlech däerfen awer esou Virfäll net bewosst geschitt sinn, soss spillt natierlech d'Begrenzung vun der Responsabilitéit net.

Et gëtt awer och eng Rei vu Fäll, déi elo net ënnert dës Konventioun falen, wéi zum Beispill bei Schëffer, déi nuklear gedriwwe ginn oder wou eng aner Gesetzgebung eben eng Begrenzung vun der Responsabilitéit ausschléisst.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet also hei drëms, fir datt déi Leit, déi d'Schëfffahrt kommerziell bedreiwen - an ech ënnersträichen dat hei, et geet reng ëm déi kommerziell Schëfffahrt - an e schwéieren Accident hunn, net direkt un d'Kette geluecht ginn. Si kënnen also theoretesch weiderfueren, wann dat natierlech och technesch méiglech ass. Et gëtt och doduerch verhënnert, datt se onnéideg zum Beispill géifen an eng Faillite falen. D'Garantie gëtt och geschafen, datt d'Affer vun engem Accident kënnen indemniséiert ginn.

Dës Konventioun huet u sech dräi nei Haaptpunkte par rapport zu der Konventioun vun 1988.

Éischtens, d'Minimalseuile ginn ëm 100% eropgesat. Allerdéngs gëtt et zwou Ausnahmen. Engersäits ginn d'Seuile fir d'Passagéierschëffer just ëm 66% eropgesat an anersäits gëtt eng nei Kategorie agefouert, an zwar fir den Transport vu geféierleche Gidder, wou nach méi eng contraignant Mesure gëllt. Dat ass iwwregens och d'Resultat vun engem schwéieren Accident vun dem Schëff „Waldhof" am Joer 2011 um Rhäin bei St. Goarshausen, wou e Schued vun iwwer 100 Milliounen Euro entstane war.

Zweetens, et kommen elo nei Länner derbäi, an zwar Eisträich, Bulgarien, Polen, Serbien an d'Slowakei. Dës Konventioun gewënnt also ouni Zweifel u Bedeitung a kritt och elo nach méi eng grouss international Dimensioun.

Dann drëttens, et gëtt och eng méi grouss Harmoniséierung vun de verschiddene Regimer ugestrieft. D'Konventioun begrenzt sech net nëmme méi op d'Musel an op de Rhäin, mä op all navigabel Waasserleef vun deenen eenzelne Länner inklusiv och d'Séien. Allerdéngs hunn déi eenzel Memberstaten och d'Recht, eenzel Waasserstroossen aus dëser Konventioun auszeschléissen.

Donieft gëtt dann och d'Revisiounsprozedur vereinfacht. All fënnef Joer ginn d'Montante vum Dépositaire, dat ass d'Zentralkommissioun fir d'Rhäinschëfffahrt, op Basis vun der Entwécklung vun der Inflatioun festgeluecht. Déi Adaptatioun ass automatesch, wann d'Inflatioun iwwer 10% läit. Wann zënter der leschter Revisioun dësen Taux 5% bedréit, da kann eng Revisioun op Demande vun engem Drëttel vun de Memberstaten ugefrot ginn.

Déi Fongen - dat si Fongen ad hoc - gi beim zoustännegen Tribunal oder bei allen aneren Autoritéite vun deem Memberstat geschafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Créancen hei ginn no sougenannten „unités de compte" verrechent. Dat ass allerdéngs esou komplex an dat wëll ech och elo hei net am Detail ënnerbreeden, well dat géif och ze vill wäit féieren. An den Artikele 6 bis 9 vun där betreffender Konventioun…

(Interruption)

Ja?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Entschëllegt, ech hätt, wann de President d'accord ass, eng Fro.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Dat ass zwar elo…

M. le Président.- Wann den Här Graas d'accord ass, sinn ech d'accord.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Zum Rapport hei?

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo. Dir schwätzt hei vu Beträg, vu Sockelen,…

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Jo.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- ...„unités de compte" steet an der Konventioun. Et stinn awer keng Zuelen do. An et ass schwéier, sech virzestellen, ëm wat fir Montanten et sech dann hei dréit. Wann hei zum Beispill e Betrag vun zéng Milliounen Unités de compte steet, wou d'Responsabilitéit limitéiert ass, wéi kann een dat an Euroen ausdrécken?

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Ma do kann ech Iech am Fong geholl direkt déi Äntwert ginn, an deem Sënn, datt all Land zum Beispill och seng eege Währung ka festhalen. Wat d'Beträg u sech ubelaangt, dat ass och schwéier am Virfeld elo ze soen, well déi Fonge gi jo ad hoc geschafen. Wann en Accident geschitt, da gëtt dee Fong am Fong eréischt geschafen an emol kreéiert. An duerfir sinn déi Unités de compte geschafe ginn, an dat hänkt natierlech och vun der Gréisst vum Schëff of an dat hänkt dovun of, wéi ee Schëff datt et ass.

Ech kann Iech dat natierlech nach vill méi hei am Detail erklären, mä, ech mengen, den Här President géif mech dann ënnerbriechen, well ech jo awer och nëmmen zéng Minutten zur Verfügung hunn.

Här Urbany, also Är Fro ass ganz pertinent, mä, wéi gesot, am Rapport respektiv an dem Exposé des motifs ass et jo ganz detailléiert erkläert mat den Unités de compte, wou et och spezifesch, wéi gesot, op déi eenzel Kategorië vu Schëffer ukënnt.

Méi kann ech Iech zwar zu dësem Punkt elo net hei soen. Och wat d'Previsiounen ubelaangt vun de Montanten, dat ass awer schwéier am Virfeld elo ze soen, wéi vill datt dat kann ausmaachen. Dat hänkt natierlech och vun der Gréisst vum Accident of. Et hänkt dovun of: War et Kierperschued oder net? Soudatt dat awer net esou kann hei praktesch am Virfeld gesot ginn, wat u sech d'Montanten ausmaachen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Mä et ginn awer Limiten.

M. le Président.- Sou, mir géifen elo de Rapporteur ausschwätze loossen, wann ech gelift.

M. Gusty Graas *(DP), rapporteur.*- Bon, wéi gesot, fir dann nach eng Kéier drop zréckzekommen, Dir hutt jo elo d'Stéchwuert „Euro" hei gesot, awer déi eenzel Memberstate kënnen dat natierlech och an hirer eegener Währung opstellen.

Et besteet natierlech och d'Méiglechkeet, verschidden Embarcatiounen op de Flëssleef auszeschléissen, déi elo manner wéi 20 Meter laang sinn. Op der Musel kéint also deen een oder deen anere Ponton do a Fro kommen.

Ech wëll dann awer och nach op den Artikel 2 hiweisen, wou Lëtzebuerg u sech eng gewëssen Derogatioun ugefrot huet, an zwar wat d'Schold fir Schied un der physescher, chemescher a biologescher Qualitéit vum Waasser ausschléisst. Dann deklaréiert Lëtzebuerg an deemselwechten Artikel och nach, datt fir si just d'Musel an déi navigabel Partie vun der Sauer a Fro kënnt, woubäi ee sech natierlech d'Fro ka stellen: Wat ass déi navigabel Partie vun der Sauer? Offiziell geet dat zwar vu Waasserbëlleg erof bis op Ettelbréck, mä, ech mengen, een, dee sech e bësselche mat Schëffer auskennt, dee weess jo, datt héchstens op der Spatz zu Waasserbëlleg e Schëff ka 50 bis 100 Meter erafueren, an dann ass Schluss.

Ech wëll an deem Kontext och nach drop hiweisen, datt op der Musel am Joer 2012 iwwregens dräi Incidente mat Schëffer stattfonnt hunn - Gott sei Dank ouni Blesséierter. Dat waren der awer iwwregens zwee manner wéi 2011.

Nach bis de 26. September vun dësem Joer, wéi gesot, kann dës Konventioun zu Stroossbuerg ënnerschriwwe ginn. Si trëtt a Kraaft ee Joer nodeem véier State se ratifizéiert hunn. De Moment hu sechs State se ënnerzeechent, a Serbien - wat jo iwwregens en neit Land ass - huet d'Ratifikatiounsprozedur allerdéngs schonn am Juni 2013 ofgeschloss. Dës Konventioun kann och selbstverständlech dénoncéiert ginn, an dat zu all Moment, allerdéngs eréischt ee Joer, nodeems datt se a Kraaft getrueden ass.

Vläicht och nach e Wuert zum Statsrot. Opgrond vu senger Demande huet d'Kommissioun am Artikel 3 dragesat, datt d'Créances bei Doudesfall oder Kierperschued natierlech priméieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer dann ofschléissend op en nach ganz wichtegen a wesentlechen Aspekt vun dësem Gesetzesprojet hiweisen, an duerfir ass et och gutt, wann ech hei duerch d'Reie kucken, datt mer jo bal all komplett sinn, well mer nämlech duerch dëse Gesetzesprojet Souveränitéitsrechter oftrieden un d'Zentralkommissioun fir d'Schëfffahrt um Rhäin. Dat heescht also am Kloertext, datt dat Gesetz hei muss am Kader vum Artikel 114 Ofsaz 2 vun eiser Verfassung gestëmmt ginn. An ech brauch Iech jo wuel net ze erklären, wat dat heescht. Mir brauchen also, wéi gesot, eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel.

Och wann et sech, wéi gesot, hei ëm e ganz techneschen Dossier handelt, ass en awer virun allem wichteg fir d'Banneschëfffahrt, virun allem och fir de Flosslaf Musel, wat eist Land elo ubetrëfft. An, wéi gesot, wann ech och net kann hei op all eenzel technesch Detailer agoen - duerfir ass jo de schréftleche Rapport respektiv den Exposé des motifs vum Gesetz do -, géif ech Iech awer bieden, deem Gesetz hei zouzestëmmen, an ech bréngen och gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gusty Graas. Nächste Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Just ganz kuerz, fir dem Rapporteur villmools Merci ze soe fir säin detailléierte Bericht, schréftlech a mëndlech. En huet all déi Detailer opgezeechent, déi et am Fong gëllt, hei an der Erneierung vun där Konventioun opzezeechnen, déi souwuel d'Limites générales vun der Responsabilitéit wéi d'Seuils minima vun der Responsabilitéit respektiv déi nei Catégories de créance aféiert op där enger Säit, déi d'Zuel vun de Länner och méi grouss mécht anerersäits, an déi, drëttens, och vun de Voies navigables, déi ënnert d'Konventioun falen, eng Extensioun mécht.

An déi schlussendlech dann eng vereinfacht Prozedur mécht, fir d'Festleeung vun de Limiten zu verschiddenen Datumen dann erëm frësch ze maachen. Domat ass am Fong de ganze Résumé gemaach. Eng Konventioun, déi mer selbstverständlech wäerte mat stëmmen an do och zu där noutwendeger Majoritéit da bäidroe wäerten.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Wiseler. Soss keng Wuertmeldungen an der Ronn? Dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert an duerno den Här Serge Urbany.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, villmools Merci. Och vun eiser Säit aus en häerzleche Merci un de Rapporteur fir e ganz komplette Rapport. Et ass, ech mengen, wat den Inhalt vun der Konventioun ugeet, näischt derbäizefügen zu all deem, wat erkläert ginn ass a wat nach vläicht, wann den Här Urbany geschwat huet, nach weider verdéift gëtt.

Et ass net do, wou eis Suerge leien, eise Problem. Eis als ADR interesséiert deen Aspekt vun der Puissance souveraine, déi mer hei nees delegéieren un eng international Organisatioun. Als Ursaach gëtt uginn, datt dat gemaach gëtt, fir eng laboriéis intergouvernemental Konferenz ze verhënneren.

Elo muss een awer wëssen, datt dee Punkt, dee mer hei sollen a Souveränitéitsrechter ofginn, u sech eng Klengegkeet ass. Et geet drëm, fir d'Limitatiounen an der Responsabilitéit un d'Taux d'inflation unzepassen, eppes wat ee ka mat deenen Ambassadeuren, déi concernéiert sinn, ganz bequem an e puer Stonne maachen. Also, et ass schwéier anzegesinn, wou do dee laboriéise Charakter vun enger Konferenz soll leien. Et ass u sech eng Klengegkeet.

Mä wat eis interesséiert, ass de Prinzip. Mir sollen hei souverän Rechter oftrieden un eng Organisatioun, an där Lëtzebuerg net emol Member ass! Member an der Commission Centrale pour la Navigation du Rhin sinn Däitschland, d'Belsch, Frankräich, Holland an d'Schwäiz. Lëtzebuerg ass do ee vu villen États observateurs, mä net État membre.

Ënnert deene Konditiounen denke mir als ADR, datt mer och keng souverän Rechter kënnen ofginn un eng Organisatioun, an där mir net vertruede sinn. An aus deem Grond, Här President, obscho mer mam Contenu vun deem Gesetz ganz d'accord sinn an et och begréissen, mä aus Prinzipiegrënn - datt mer net Rechter un eng Organisatioun ofginn, an där Lëtzebuerg net Member an net vertrueden ass - kënne mer dëst Gesetz net stëmmen.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Als Nächsten huet den Här Urbany d'Wuert. Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, mir hunn u sech mam Prinzip vun där Konventioun hei elo kee Problem. Et geet jo drëm, fir d'Plaffongen ze hiewe bei der Binnenschifffahrt, wat d'Responsabilitéit ugeet vun deene Firmen, deenen déi Schëffer gehéieren. Dat heescht, et ass u sech schonn eng positiv Saach, datt déi Montanten, déi d'Leit kréien, wa se en Accident hunn duerch esou Schëffer, oder de Stat, wann eng Bréck zum Beispill beschiedegt gëtt, datt déi Montanten an d'Luucht gesat ginn.

Mä ech mengen awer, am Intérêt vun enger korrekter Aarbecht vun der Chamber wier et awer noutwendeg gewiescht ze wëssen, ëm wat fir Limitë vu Montanten, déi dann herno nach musse bezuelt ginn, et sech hei dréint. Do liese mer Limiten dran, et sinn natierlech verschidde Limiten, jee nodeem, ob et geféierlech Saache sinn oder net, ginn et verschidde Limiten. Mä déi Limitë sinn awer am Gesetz festgesat, an zwar a Form vun zum Beispill 10 Milliounen Unités de compte, an et gëtt eis och erkläert, dat géif gerechent ginn opgrond vun den Tirages spéciaux beim Fonds Monétaire International. Dat ass natierlech eng Rechnung, déi keen elo am Kapp huet. Duerfir wier et noutwendeg gewiescht, hei ze erklären, ëm wat fir Begrenzunge vu Responsabilitéit vu Firmen et sech hei handelt.

Den Här Rapporteur huet och dovu geschwat, datt do géife vun deene Firme Fongen ugeluecht ginn an datt, jee nodeem, wéi de Schued ass, natierlech eppes aneschters dobäi erauskënnt. Mä et steet awer och dran, datt déi Fonge musse limitéiert sinn, opgrond vun deene Limiten, déi ech elo virdrun erwähnt hunn. A mir wëssen net, wéi dat chiffréiert ass. An ech fannen, et wier awer gutt gewiescht, wann een dat gewosst hätt.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Domat huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt géif ech gären dem Rapporteur, dem Här Gusty Graas, Merci soe fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Hien ass jo Spezialist vun Transport a vu Schëfffahrt, an dat huet een och ganz gutt gesinn.

M. Gusty Graas *(DP)*.- A vum Fëschen.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- A vum Fëschen och, jo. Dat heite Gesetz ass en net onwichtegt Gesetz. Et gëtt eis méi Garantië fir d'Schëfffahrt, an doriwwer solle mer eis freeën. De Rapporteur an och d'Intervenanten hunn déi Haaptelementer erausgeschielt. Dat ass, datt d'Seuils adaptéiert ginn, datt also d'Garantien elo méi héich sinn. Dat ass, datt additionnel Länner bäikommen, déi elo vun där Konventioun couvréiert ginn, an drëttens, datt d'Harmonisatioun méi weidergedriwwe gëtt an net nëmme sech op d'Musel an de Rhäin beschränkt, mä och op d'Zouflëss. An ech mengen, alles dat ass a Richtung vu méi Sécuritéit a méi Garantie an ass eng ganz gutt Saach.

Wéi richteg ervirgestrach, ass hei en - tëschent Guillemeten - gewëssenen „Abandon" vu Souveraineté virgesinn. Duerfir brauche mer eng Zweedrëttelmajoritéit, an duerfir freeën ech mech, datt och d'Oppositioun, d'Haaptoppositiounspartei sech hei uschléisst, fir déi Konventioun hei ze stëmmen an ze ratifizéieren.

Ech wéilt e Wuert zur Unité de compte soen. Déi Unité de compte ass kee Geheimnis. Dat sinn d'Droits de tirage spéciaux vum FMI. Déi ginn all Sekund an all Minutt ausgerechent. Dat kann een op der Website nokucken. Et ass net, datt dat eng geheim Monnaie ass, wou kee Mënsch weess, wat se ass. Do ass e Prozentsaz vun Dollaren dran, e Prozentsaz vun Euroen, esou datt een elo net soll hei d'Impressioun ginn, datt een net wéisst, wat ee stëmmt. Dat ass eng Notioun, déi an der Welt bekannt ass an déi eng Referenz ass an déi a ganz villen internationale Konventiounen zréckbehale gëtt.

Aus deene Grënn alleguerte freeën ech mech, datt also esou vill Vertrieder vun der Chambre des Députés dat heite wëlle positiv mat begleeden.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Mir géifen dann zum Vote iwwert de Projet iwwergoen. Wéi den Här Finanzminister richteg gesot huet, brauche mer eng Zweedrëttelmajoritéit an et si keng Procuratiounen erlaabt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6567 et dispense du second vote constitutionnel

Ech lancéieren de Vote. De Vote ass ofgeschloss. 52 Deputéiert hu mat Jo gestëmmt, 2 mat Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Projet, dat ass de Projet de loi 6607, en Accord tëschent Lëtzebuerg an Norwegen iwwert den Austausch vu klassifizéierten Informatiounen. D'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol.

5. 6607 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Norvège concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Bruxelles, le 21 février 2013

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice*.- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi geet et, wéi de President richteg sot, ëm en Accord tëschent eisem Land an Norwegen iwwert den Échange an d'Protektioun vu klassifizéierten, also geheimen Informatiounen.

Dësen Accord, dee mer dann herno wäerten zum Vote stellen, dee schaaft e rechtleche Kader, deen den Austausch an awer och de Schutz vu klassifizéiertem Material vun den zwou Vertragsparteien, deemno dës Kéier Lëtzebuerg an Norwegen, also regelt.

Fréier, ech géif soe bis zum Enn vum Kale Krich, gouf d'Notioun vun „protection des informations classifiées" éischter an engem méi militäreschen Zesummenhang gebraucht. Haut ass dat e bësse méi differenzéiert, och well mer méi verstäerkt mat neien, oft vläicht manner visibele Menacë konfrontéiert sinn.

Éischtens zum Beispill, d'Menacen am Beräich vun der Sécherheet: Terrorismus, d'Verbreedung vu Massevernichtungswaffen, regional Konflikter an der Welt oder awer och d'organiséiert Kriminalitéit.

Den zweeten Typ vu Menacen, dat sinn déi, wou et ëm eise Patrimoine économique, financier a scientifique geet. An do handelt et sech ëm déi sougenannt Industrie- oder Technologiespionage. Mir wëssen och an deem Zesummenhang, datt mer haut um europäeschen Niveau vill Programmer am Beräich vun der Haute technologie hunn. An all déi Programmer sinn natierlech och mat ville sensibelen Informatioune verbonnen. Wann een als Land also wëllt un esou Programmer deelhuelen, da muss een de Partnerlänner kënne garantéieren, datt hir sensibel Informatiounen zu Lëtzebuerg genausou gutt protegéiert sinn, wéi dat an hirem eegene Land de Fall ass.

D'Basis vun dësem bilateralen Accord ass geluecht ginn duerch d'Gesetz vum 15. Juni 2004 «relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité». Duerch dëst Gesetz huet Lëtzebuerg deemools sech e juristesche Kader gi fir d'Klassifizéierung vu sensibelen Informatiounen. Wéini muss en Dokument klassifizéiert ginn, wéi eng Geheimhaltungsstufe ginn et, wien däerf eng Klassifizéierung virhuelen a wien huet Zougrëff op d'Material?

Et ass vläicht och nach wichteg ze bemierken, datt et net nëmme bilateral Ofkommesse fir de Schutz an den Échange vu klassifizéierte Piècen an Informatioune gëtt, mä et gëtt och multilateral Protektiounsregimer, zum Beispill am Kader vun der NATO oder awer och vun der Europäescher Unioun. Méi dozou wäert Dir herno vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Marc Angel, beim nächste Projet de loi um Ordre du jour, dem 6635, gewuer ginn.

Wat elo awer déi bilateral Ofkommessen ubelaangt, esou sief weider erwähnt, datt mir schonns eng ganz Rei vun esou Accorde mat Drëttstaten ofgeschloss hunn, zum Beispill mat eisen Noperen, Länner wéi Frankräich an Däitschland also, mä och mat Lettland, Portugal a Spuenien. An iwwert déi lescht grouss Vague vun esou Accorden, dat waren Accorde mat der Tschechescher Republik, Schweden, der Slowakei, Finnland, der Belsch, Slowenien, Estland a Georgien, hu mir den 9. Abrëll 2013 an dësem héijen Haus ofgestëmmt. Dës Accorden hunn och praktesch ëmmer deeselwechten Opbau an duerfir ginn ech och elo net op all eenzelen Detail dovunner an.

Wesentlech ass bei deenen Accorden, datt all Vertragsstat déi néideg Mesuren hëlt, fir d'Protektioun vun de klassifizéierten Informatiounen, déi eben échangéiert ginn, ze garantéieren. Eng klassifizéiert Informatioun, déi ee vun engem anere Stat kritt an déi engem bestëmmten Niveau de sécurité entspréicht, kritt deeselwechte Protektiounsniveau wéi déi eege klassifizéiert Informatioun an deem bestëmmten Niveau de sécurité. Fir datt dat an der Praxis esou geschéie kann, enthält den Accord och en Tableau d'équivalence vun deene véier Niveaux de sécurité, nämlech „très secret", „secret", „confidentiel" an „restreint".

De Statsrot huet a sengem Avis vum 20. Dezember souwuel de Fong wéi och d'Form vum Projet de loi approuvéiert.

Den 20. Januar dunn, genau eng Woch nodeems ech zur Rapportrice vun dësem Projet de loi genannt gouf, gouf mäi schréftleche Rapport vun der aussepolitescher Kommissioun ugeholl. An därselwechter Réunioun vum 20. Januar awer sinn nach eng ganz Rei Froen opkomm, déi dunn den 3. Mäerz 2014 an der Kommissioun diskutéiert goufen an och spéider Géigestand vu mengem Rapport complémentaire waren, deen dunn den 12. Mee dëst Joer ugeholl gouf.

Éischtens ass et bei deene Froen ëm den Accès vu Privatpersounen u klassifizéiert Informatioune gaangen, déi si selwer betreffen. Wat elo d'Donnéeë vum SREL ubelaangt, ass esou en Accès méiglech, zwar indirekt, duerch eng Demande un d'Autorité de contrôle, wéi dat am Artikel 17 vum Dateschutzgesetz virgesinn ass. Dat Recht, an dat wësst Dir, dat ass allerdéngs net absolut. Dat heescht, et kann a verschiddene Fäll limitéiert ginn oder den Accès ka souguer ganz refuséiert ginn, zum Beispill, wann de Risiko besteet, datt klassifizéiert Informatiounen no bausse verbreet kéinte ginn.

En anere Volet betrëfft den Accès op klassifizéiert Informatiounen am Kader vu Geriichtsprozeduren. Am Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert d'Classification des pièces ass dat net genau definéiert. Et ass awer esou, datt Lëtzebuerger Pièce kënnen, ënner gewësse Konditiounen natierlech, abruecht ginn. D'Pièce vun auslänneschen Autoritéiten awer net! Dat gouf och an engem Arrêt vum 25. Oktober 2013 vun der Cour constitutionnelle bestätegt. An deem Arrêt bemierkt d'Cour och, datt eng Kontroll néideg ass, wann de SREL Informatiounen zréckbehält mam Argument, et géif sech ëm Informatiounen aus dem Ausland handelen.

Am Projet de loi iwwert d'Organisatioun vum SREL - den Dossier parlementaire mat der Nummer 6675 -, deen eise Premierminister, de Xavier Bettel, viru Kuerzem an dësem Haus hei déposéiert huet, gëtt deem Arrêt vun der Cour constitutionnelle Rechnung gedroen an d'Froe betreffend den Accès zu den Informatioune gi méi detailléiert geregelt. An ech mengen, am Kader vun där Prozedur zu deem Projet de loi bitt sech dann nach eng Kéier d'Geleeënheet, fir all dës Froe weider ze verdéiwen a se dann och fir an Zukunft ze regelen.

Eng lescht Fro war, mat wat fir Länner Lëtzebuerg nach esou Accords de sécurité ofgeschloss huet bezéiungsweis mat wat fir Länner am Moment nach géif verhandelt ginn. Or, ähnlech Accords de sécurité goufe bis elo mat 13 Staten ofgeschloss an ech hunn déi virdrun och schonns alleguerten opgezielt gehat. Weider Accorde wäerte geschwënn ënnerschriwwe ginn, an zwar mam Vereenegte Kinnekräich, mat Kroatien a mat Holland.

Da sinn nach eng Rei Accorden, déi nach an der Négociatiounsphas sinn, déi betreffen d'Organisation conjointe de coopération en matière d'armement, ofgekierzt OCCAR, mat Polen, Litauen, Griichenland, Brasilien, Israel an Éisträich.

Voilà! Dat gesot, soen ech Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren an ech profitéieren dovunner, fir och direkt den Accord vun de Sozialisten zu dësem Projet de loi ze ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Rapportrice. Éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Just fir ze soen, datt d'Madame Dall'Agnol dat elo esou perfekt gemaach huet, datt wierklech kee Wuert do zouzefügen ass an datt mir selbstverständlech dee Projet hei wäerte stëmmen.

M. le Président.- Dann den honorabelen Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Här President, ech schléisse mech deene Wierder u vu mengem Virriedner. An ech wollt och der Madame Rapportrice Merci soe fir deen ausféierleche Bericht. Vläicht eng Remarque, datt een effektiv do verschidde Froen, déi opgeworf gi sinn, datt een déi wahrscheinlech am Kontext vun dem Projet de loi iwwert d'Neiorganisatioun an d'Kontroll vum Lëtzebuerger Geheimdéngscht, datt een déi do vläicht nach ka verdéiwen.

Dat gesot, géife mir och den Accord zu deem Projet hei abréngen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Jo, villmools Merci, Här President, an och Merci un d'Rapportrice fir e ganz komplette Rapport. Mir hate wierklech an der zoustänneger Kommissioun ganz déif a ganz interessant Diskussiounen iwwert dëse Sujet.

E Kommentar vun eiser Säit ass awer, datt mer dëst Gesetz selbstverständlech gär mat stëmmen, mä awer och däitlech soen, datt et wichteg ass, datt Lëtzebuerg an dësem Beräich seng international Kredibilitéit an Zouverlässegkeet behält, soss kréie mir keng Informatioune méi aus dem Ausland, déi mer awer batter néideg brauchen, fir och eis Sécherheet hei kënne mat ze garantéieren an d'Sécherheet vun deene Leit, déi an dësem Land wunnen.

Et gëtt ëmmer erëm Tendenzen an der Gesellschaft, déi soen, datt mer och auslännesch Quelle missten oppeleeën aus deem oder deem Grond. Dat ass selbstverständlech net méiglech, fir eben déi Kredibilitéit net ze verléieren. A mir freeën eis, datt och deen Arrêt vun der Cour constitutionnelle dee Prinzip nach eng Kéier bestätegt huet. Mir hoffe just, datt jiddwereen am Land och de Bien-fondé vun där doter Linn agesäit an och bereet ass, sech drun ze halen.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. An domat huet... Entschëllegt, Dir sidd esou däischter ugedoen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech sinn zwar vläicht däischter ugedoen, mä ech wëll e bëssche Kloerheet an déi Debatt hei erabréngen.

Plusieurs voix.- Ooh! Aah!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat sinn net déi beschte Viraussetzungen!

M. le Président.- Dir hutt d'Lat héich gehaangen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Mir musse jo wëssen, Här President, a mir haten d'Geleeënheet hei, zu enger Zäit, wou Dir nach net President waart, fir laang a breet ze diskutéieren iwwert d'Resultater vun enger Enquêtëkommissioun iwwert déi Institutioun, ëm déi et hei geet, dat heescht, de Lëtzebuerger Geheimdéngscht, de SREL. Dat ass déi Autoritéit, déi hei betraff ass, et geet ëm Informatiounen tëschent Geheimdéngschter.

Wat den Zweck heivunner ass, dat ass géigesäiteg Ofschiermung vun Informatiounen. Dat heescht, Informatiounen, déi d'Lëtzebuerger Regierung kritt vun engem auslännesche Geheimdéngscht, déi bleiwen och geheim! Déi bleiwe geheim vis-à-vis vun de Leit, déi eventuell Géigestand vun esou Untersuchunge sinn. An déi bleiwe geheim vis-à-vis vu Geriichter, déi eventuell iwwer Saachen ze befannen hunn, déi mat esou Informatiounen ze dinn hunn.

Deen Arrêt ass virdru genannt gi vun der Cour constitutionnelle am Kader vum Bommeleeërprozess. A grad am Bommeleeërprozess, wou jo d'ganzt Land dréngend Kloerheet bräicht iwwert dat, wat geschitt ass, ginn zum Beispill, dat ass prinzipiell an deem Arrêt festgehale ginn, gi prinzipiell Informatiounen, wa se bestinn, absolut geschützt virun der Ëffentlechkeet. Zum Beispill virun der Ëffentlechkeet am Kader vun engem Prozess, wou et jo awer ëm ganz vill wichteg Saache geet!

Et muss ee jo wëssen, wéi och esou Geheimdéngschter funktionéieren. Dat hu mer jo bei der Enquête gesinn. Si funktionéieren opgrond vun Informatiounen, déi géigesäiteg ausgetosch ginn ënnert deenen dote Bedéngungen. Do sinn och Geheimdéngschter dran, déi net aus esou Länner wéi Norwegen kommen, mä och aus anere Länner kommen.

Mir haten de Fall vun engem tunesesche Ressortissant, deen hei zu Lëtzebuerg gewunnt huet, deen opgrond vu Geheimdéngschtinformatiounen ausgewise ginn ass an Tunesien. An deemools war Tunesien net demokratesch wéi haut, deemools war Tunesien ënnert dem Diktator Ben Ali. Dee Mann ass jorelaang gefoltert ginn an ass haut e gebrachene Mënsch. En ass awer ausgeliwwert ginn opgrond vun esou Informatiounen, déi mir hei schütze wëllen.

Déi ganz Geheimdéngschtsphär operéiert ganz kloer an engem wäitgehend rechtsfräie Raum.